Eng Zigrett laang

De Jhang Boewer huet sech fir en Ament op de Bord vum Dauwebuer gesat. E muss bis rop an d'Stad an huet nach eng gutt hallef Stonn Zäit. Zäits genuch, fir hei nach eng unzemaachen. Eng kleng Loft op dësem spéide Fréijoorsdag bléist him zweemol de Briquet aus, ma da klappt et. En zitt den éischte Strapp déif op d'Long a léist den Damp liddreg tëschent de Lëpsen raus. D'Lëftchen zerfatzt déi kleng Wollek eenzock.

Säi Won steet um drëtte Niveau. 'T as fir d'éischt, datt e mam grousse Lift, dee vun ënnen aus dem Gronn kënnt, ropgefuer as. 'T as iwwerhaapt fir d'éischt, datt hien sech no laanger Zäit nees hei an der Géigend rëmdreift. De Plateau war em ausdenkeg gin an de leschte Joren, wou en am Zaïre Uelegpresse fir d'Babassou-Nëss opgeriicht huet. En huet en Ablack gebraucht, bis en sech hei iwwerhaapt rëmkannt huet.

E fënt de Buer, bei deem e sëtzt, kal a gräisslech. E fënt och déi grouss Plaz kal a gräisslech. Jhust dat Lifthaischen do gefällt him. E kuckt jidderengem no, deen iwwert déi kal a gräisslech an eidel Plaz op de Lift zougeet. Mäi Gott, wat war dat hei e Gewulls mat den Autoën; an de siwenzeger Joren, wéi en säi Büro nach hei um Plateau hat! Do waars de, wann s de bis geparkt has, scho mueres vreckt mat den Nerven. Mä dat do! Firwat soll dat gutt sin?

Wéi en aus dem Lifthaische koum, huet e gesinn, datt se de Staatsarchiv frëschgemaach hun. En huet lo dat Gebai am Réck, mä en dréit sech nët ëm. Eng eenzeg Kéier war en dran; deemools, an de fofzeger Joren, wéi e gemustert gouf. Ganz ënne war d'Kichen an d'Kantin. Du huet e fir d'éischt missen nees normal iessen, nodeems en, eng Woch virdrun réischt, mat de Mandelen opréiert gi war. En huet gemengt, 't géif een em d'Schléck opräissen. Sou eppes verhält een. Mä soss as vun der Kasär nët méi vill iwreg. Déi postmodern Këscht dofir hat en och nach ni gesinn; e weess nët, wat en dervun hale soll, mä Restaurant'e schéngen d'Lëtzebuerger ni genuch ze kréien.

An du mierkt de Jhang Boewer: do as jo eng ganz Strooss, do si jo eng Parti Haiser verschwonnen! Déi ganz Rei! Och dat, wou deemools dem Viv säi Bistrot war! Einfach aus der Geographie verschwonn!

Wou soll d'Viv haut dru sin? 'T as verschwonn mat all deenen, déi virdrun hei gewunnt hun. Restaurant'en, Büroën a Banken, da's alles, wat se kënnen!

Beim Viv war deemools hire Staminet. Se hun do hiren Aperitiv gedronk, a wann se nom Aperitiv hänke bloufen, huet d'Viv hinnen eng Omlett mat Zoossiss an Tomate gemaach; oder Gromperenzalot mat Wirschtercher.

A géint der Owend hues de se do vun allen Zorte begéint: Büroshengschten, déi nach keng Loscht haten, heemzefueren, e puer Sëffer, Journalisten, e pensionéierte Prisongsdirekter, e pensionéierten Arbedsdirekter, Politiker... Ee vun deene huet ëmmer, wann e laang genuch souz an e puer Nolauschterer hat, de „Prometheus" opgesot, auswänneg!

An d'Viv huet matgemaach, matgelaacht,

matgesongen, matgedronk – a kasséiert. 'T war eng Wiirtsfra, wéi een se haut nëmme méi seele fënnt. An a séngem groussen Aquarium si Fësch geschwomm, wéi een der virdrun nach ni gesinn hat. Deene konns de stonnelaang nokucken, wann s de der beim Viv d'Flemm verdriwwen hues. Hatt huet dech da mat Rou gelooss a jhust heinsdo gefrot „drénks d'nach eppes?" 'T mengt een, 't wir scho bal e Jorhonnert hir. 'T as egal, och haut nach, vive d'Viv, egal wat aus em gouf.

Ir de Jhang Boewer an de Zaïre goung fir Nëss ze knacken, gouf dohannen den Tunnel gebaut. Se hu scho jorelaang virdru beim Viv dervu geschwat, an d'Viv wousst deemools scho genee, datt et misst raus, datt et ofgerappt géif.

Hellege Geescht! De Jhang zegrimmelt séng Zigrett ënnert der Schongsuel. 'T war näischt Helleges drun! D'Viv war keen Hellegt, an déi bei him am Bistrot och nët: Rouder, al Liberaler, Marginaler! „Den Athéiste-Café", gouf dem Viv saï Bistrot mol an enger Zeidong vernannt. Duerop as ee geholl gin, an dee mam Prometheus huet d'International ugestëmmt. E wousst op franséisch d'Strophen alle sechs.

Wat ronderëm an nuets an den Autoën um wëlle Parking gedriwwe gouf, war och nët vill Helleges, mä douewen op der Mânsard vum eenzege Kasäregebäi, wat nach do steet, souz deemools schon de Spëtzeldéngscht. Dat ware bestëmmt och keng Helleger. Sollen se nach ëmmer do hausen?

De Jhang Boewer as nët méi iwwer alles am Bild. E steet op an trëppelt op de Boulevard lass. 'T as him, wéi wann en eppes hei verpasst hätt. Datt se hei gehaust hunn, wéi déi Wëll, ouni hien ze froën, op en d'accord wir, datt hei séng bescht Erënnerongen ënnert de Bagger koumen, da's eigentlech eng Sauerei. Wéi gäre géing en lo bei d'Viv een huelen a son, kenns de mech nach?, weess de nach?

En denkt „alen Iesel" a bleift een Ablack iwwert dem Tunnel ston. Ennert him verschwannen d'Autoën am Bauch vun der Stadt; anerer sause laanscht, anerer sti Schlaang fir ran an de Parking ënnert dem Hellege Geescht, e kann d'Wuert nët méi héieren, mä 't sëtzt him lo an der Schierbel. Am Zäire huet en ni dru geduecht.

De Jhang Boewer seet sech: Konzentréier dech lo op dat, wat s de wëlles bas! Séng Firma goung heiheem d'Baach of; mat den Uelegpressen fir d'Babassou-Nëss. Hie muss nei ufänken.

Iirgendanzwousch wäerd d'Viv och nei ugefaangen hun; mä wou?

josy braun